Hëlleft eis, eist Duerf méi sécher, méi gesond a méi roueg ze maachen!

Zanter Joerzéngte leide mir, Awunner vu Sëll, ënnert deem stänneg wuessende Verkéier, vun deenen zwou Nationalstroossen, N8 an N12, un deenen eist schéint Duerf läit.

Trotz de villen ëmgesate Moossnamen iwwer di leschte Jorzéngten, si bis haut de Verkéier an d'Sécherheet net wierklech besser ginn. D'Liewesqualitéit laanscht eis zwou Haaptstroosse gëtt mat all Joer méi schlecht. Konkret heescht dat:

- E Gefill vun Onsécherheet fir d'Foussgänger, besonnesch d'Schoulkanner, an d'Vëlosfuerer
- D'Ofgasen an de ganz renge Stëbs (Feinstaub), dee besonnesch geféierlech ass
- Deen ze héijen Niveau vum Stroosse-Kaméidi, deen als Dauerstress erwisenermoosse krank mécht an d' Liewen aus dem Duerfkär verdrängt
- D'Erschütterungen duerch déi schwéier Gefierer – besonnesch wann se ze séier ënnerwee sinn, wouduerch eis Haiser lues awer sécher beschiedegt ginn
- Eis Hausdéieren, déi vill ze vill oft ugestouss oder esouguer dout gefuer ginn.

D'Analyse vun eisen, aktuell dräi, Vitessemiesser an den Duerf-Agäng, erginn am Schnëtt iwwer 140 "Délit de grande vitesse" am Dag! Dat ass een all 10 Minutten - nëmmen eran an d'Duerf gemooss!

Op eis Doléancen hin, huet de Minister eis Gemeng nëmme mat "méi" Policekontrolle vertréischt, déi wann se mol sinn, awer leider wéinst Ukënnegungen an der Presse näischt bréngen.

D' Vitesse ass tatsächlech dee gréisste Problem hannert all deem! An den E-Auto wäert hei ganz wéineg änneren: de Geräischniveau ass ab 40km/h identesch mam Verbrennungsmotor, de Feinstaub bléift gréisstendeels, genau esou wéi d' Gefor vun Accidenter duerch ze héich Vitesse.

An och e "Kaméidi-Radar" wier blutt-néideg: e getunten Auspuff oder e Gefier vun där Zort, déi och am Normalzoustand d'Leit aus dem Bett geheien, héiert een hei zu Sëll bal vun Tënten oder Brouch un, an da bis bal op d'Kräizerbuch.

Dowéinst fuedere mir:

Vitesse- a Kaméidi- Radaren an allen Agäng vum Duerf.

Lëscht vun de Signatairen (>18 Joer)

	Numm	Virnumm	Gemeng	Ënnerschrëft
1	_____	_____	_____	_____
2	_____	_____	_____	_____
3	_____	_____	_____	_____
4	_____	_____	_____	_____

Ënnerschreift direkt um Internetsite **bit.ly/2M5kfOB**, oder maacht eng Foto a schéckt se op eis Email : **3radars4saeul@gmail.com** , oder postéiert oder deposéiert är Ënnerschrëft(en) an der Gemeng um 8, rue Principale L-7470 SAEUL. **Deadline ass Enn Januar 2021! Villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung!**

Dier därft eis Aktioun och gären iwwer Facebook oder Instagram deelen, an eis esou hëllefen!

www.facebook.com/3radars4saeul

Kontaktpersoun: John Kaufmann

Aidez-nous à rendre notre village plus sûr, plus sain et plus calme !

Depuis des décennies, nous, habitants du village de Saeul, souffrons du trafic en croissance permanente des deux routes nationales, N8 et N12, sur lesquelles est situé notre beau village.

Malgré les nombreuses mesures mises en œuvre au cours des dernières décennies, à ce jour, le trafic et la sécurité ne se sont pas améliorés. Pire, la qualité de vie le long de nos deux routes principales se dégrade d'année en année. Conséquences :

- Un sentiment d'insécurité pour les piétons, en particulier les écoliers et les cyclistes
- Des gaz d'échappement et des particules fines, qui sont particulièrement dangereux
- Un niveau excessif du bruit routier, reconnu comme un stress constant et qui perturbe profondément la vie du village
- Les vibrations des véhicules lourds - en particulier lors de vitesses trop élevées - qui endommagent lentement mais sûrement nos maisons
- Nos animaux trop souvent heurtés ou même tués.

L'analyse de nos trois compteurs de vitesse placés dans les entrées du village donne une moyenne journalière de plus de 140 délits de grande vitesse ! Cela correspond à un délit toutes les 10 minutes.

Malgré nos doléances, la seule promesse que le ministre a su faire à notre commune jusque-là, consiste en «plus» de contrôles de vitesse par la police. Or, comme ceux-ci sont toujours annoncés préalablement dans la presse, ceux qui ont lieu finalement, n'apportent malheureusement rien.

La cause principale de tous ces problèmes est la vitesse ! Et la voiture électrique n'y changera que très peu : le niveau sonore est identique à celui du moteur à combustion à partir de 40km /h, les particules fines subsistent en bonne partie, tout comme les risques d'accidents pour cause d'excès de vitesse.

De même, un radar mesurant le niveau du bruit est urgemment nécessaire ! A Saeul, nous entendons les véhicules aux échappements tunés ou super puissants, jusqu'à leur arrivée à Tuntange, Brouch ou même Kräizerbuch.

C'est pourquoi nous exigeons :

Des radars de vitesse et de bruit dans toutes les entrées du village.

Liste des signataires (>18 ans)

	Nom	**Prénom**	**Localité**	**Signature**
1	_____	_____	_____	_____
2	_____	_____	_____	_____
3	_____	_____	_____	_____
4	_____	_____	_____	_____

Signez en direct sur notre site : **bit.ly/2M5kfOB** ou faites une photo de ce formulaire signé et envoyez-là par mail à **3radars4saeul@gmail.com** ou bien envoyez vos signatures par courrier (ou déposez-les) à l'administration communale : 8, rue Principale L-7470 SAEUL – **jusque fin janvier 2021! Un grand Merci pour votre support.**

Aidez-nous, en partageant cette action sur vos réseaux sociaux préférés!

www.facebook.com/3radars4saeul Personne de contact: John Kaufmann